



changéieren. Et ass och esou, souguer an deenen heiten, wann ech mech net iren, ech hunn dat net am leschten Detail gekuckt, mä ech mengen, dass souguer déi heiten allegueren net komplett BEPS-konform sinn. Déi eng oder aner huet elo emol eng BEPS-Mesure dran, mä se nach net allegueren. Soudass mer effektiv kënnen dovunner ausgoen, dass déi 81 Konventionne missten amendéiert ginn.

Dofir huet d'OCDE d'Initiativ geholl, en Instrument multilatéral ze schafen. Deen ass och bal ofgeschloss. Dat huet am Joer 2015 ugefaangen an et ass am Laf vun dësem Joer, wou et bal fäerdeg ginn ass. Et sinn nach e puer Punkten, déi opstinn. Déi missten am Januar/Februar gekläert ginn. An dann hu mer en Instrument multilatéral vun der OCDE.

An da kann een en fait déi Konventionen hei zum Deel, zu engem groussen Deel en bloc amendéieren, andeem ee Member gëtt vum Instrument multilatéral vun der OCDE op där enger Säit. Einfach ass déi Saach trotzdeem net, well d'Länner allegueren mussen uginn, wat fir eng Mesurë vu BEPS se direkt ëmsetzen oder net ëmsetzen, do, wou se Reserven hunn. Soudass een herno eng Schabloun brauch, fir ze wëssen, wéi een et da fir all eenzel Land amendéiert huet an vu vun de Reserve vu Lëtzebuerg a vun deem Partnerland.

Mir wäerten natierlech op de Wee goen, fir et iwwert de multilaterale Wee ze maachen, well dat vill méi effikass ass, wann dat sech dann elo duerchsetzt als System. An dat wäert eis dann och erlaben, relativ séier BEPS-konform ze sinn, wat natierlech am Intérêt vum Land ass, dass mer dat maachen.

Ech wëll och ënnersträichen, dass mer eis geschlossen haben an der OCDE, fir dass mir vertruede sinn an deem Grupp, deen dat ausgehandelt huet. An eisen Ambassadeur Paul Dühr op der OCDE war e Member vun deem Grupp, deen dat mat ausgeschafft huet.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Finanzminister. Da si mer prett, fir iwwert de Projet 7097 ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7097 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

58-mol Jo, 2-mol Neen. Domat ass de Projet ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par M. Yves Cruchten), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott unzefroen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Projet iwwergoen. Dat ass de Compte général vun 2015. An d'Wuert huet elo direkt d'Madamm Rapporteur, d'Madamm Diane Adehm. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

6. 7005 - Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2015

Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire

► **Mme Diane Adehm (CSV), rapportrice.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 7005 iwwert d'Statskonte vum Exercice 2015 ass den 20. Juni 2016 an der Chamber déposéiert ginn. Laut dem Artikel 11 vum Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert de Budget, d'Kontabilitéit an d'Trésorerie vum Stat missten d'Konten awer spéitstens den 30. Mee vum Joer drop déposéiert ginn. Well et awer schwiereg ass, fir déi néideg Informatiounen bis den 30. Mee zesummenzekréien, wann d'budgetär Joer eréischt den 30. Abrëll ofgeschloss gëtt, ass den Datum vum Dépôt ëmgeännert ginn an dëst op den 30. Juni, mat enger Emännerung am Artikel 53 vum Gesetzesprojet 7050 iwwert de Statsbudget fir d'Joer 2017.

Den 23. September 2016 huet d'Regierung eng Partie Amendementer eragereecht. Hei ass et drëms gaangen, fir engersäits e Redressement vum Garantiefong ze maachen an dann och deementspreechend d'Avoire vun de Spezialfongen unzepassen. Anerersäits gouf et eng Regulariséierung vun den Ausgabe vun der Renovéierung vun der Fassad vum Héichhaus um Kierchbierg. Hei koum et zu engem klengen Dépassement ënner 5% vum Gesamtbetrag. An dësen Dépassement gëtt am Kader vum Gesetz iwwert d'Statskonte regulariséiert.

Wat d'Zuele selwer vun de Konte vum Stat ugeet, esou ass zrëckzebehalen, dass den Exercice ofgeschloss gouf mat engem Defizit vu 460,7 Milliounen Euro. Dëst sinn 107,6 Milliounen Euro manner Defizit, wéi am Budget fir d'Joer 2015 virgesi war.

Här President, a mengem schrëftleche Rapport fannt Dir den Detail vun den Zuelen, wat de Compte général 2015 ugeet. Ech wëlt hei just e puer Posten opzielen, déi vill méi héich oder manner héich waren, wéi am Budget 2015 virgesinn.

Op der Recettësäit sinn et folgend Posten: D'Recettë vun der TVA waren 102 Milliounen Euro méi héich. D'Recettë vun den Droits d'enregistrement ware 46 Milliounen méi héich. D'Einnamen aus der Taxe d'abonnement ware ganzer 129 Milliounen Euro méi héich. Et gouf en zousätzlecht Gebai verkaaft, wat 90 Milliounen erabruucht huet. D'Recettë vun der Betriebssteuer ware 34 Milliounen Euro méi héich. An d'Vermögenssteuer war 100 Milliounen Euro méi héich.

Et ass awer och ze bemierken op der Recettësäit, dass d'Lounsteuer 140 Milliounen manner erabruucht huet, wéi virgesinn, an dass den Deel, dee Lëtzebuerg zegutt huet un den Droits de douane et d'accise iwwert d'Union économique belgo-luxembourgeoise, 65 Milliounen Euro manner erabruucht huet.

Op der Ausgabesäit sinn et folgend Posten: 330 Milliounen Euro ginn zousätzlech 2015 an de Fonds de réserve, an 130 Milliounen Euro goufe weider u Subventions d'exploitation ausbezelt.

Wat d'Presentatioun vum Budget no der europäescher Method, der sougenanntener SEC 2010-Presentatioun ugeet, do huet d'Kommissioun festgestallt, dass dës Zuelen dem Compte général vun 2015 bäileien. D'Budgetskontrollkommissioun huet dës Zuele scho méi laang an der Vergaangenheet gefrot an ass frou, dass si se am Kader vum Compte général 2015 kritt huet. Op Basis vun der SEC 2010-Presentatioun hat de Budget en Defizit virgesi vun 876 Milliounen Euro beim Zentralstat. Schlussendlech war et awer nëmmen en Defizit vun 207 Milliounen Euro.

Bei der öffentlecher Verwaltung, also dem Zentralstat, dem Gemengesecteur an der Sécurité sociale zesummen, war en Defizit virgesi vun 135 Milliounen Euro. An effektiv koum en Iwwerschoss vu 672 Milliounen Euro um Enn vum Joer 2015 eraus.

An der Sitzung vum 3. Oktober 2015 huet d'Cour des comptes der Budgetskontrollkommissioun hiren Avis iwwert d'Statskonte vun 2015 virgestallt. Am Kader vun de Statskonten 2015 op Basis vun der SEC 2010-Method hält d'Cour des comptes fest, dass den Zentralstat d'Resultat vun de gesamtöffentleche Finanzen erofdréckt. Si stellt och fest, dass d'Schold vum Zentralstat an absoluten Zuele fir 2015 onverännert bleift, am Verglach zu 2014. Mä a Prozent par rapport zum PIB geet d'Schold vun 22,9% op 21,5% zrëck.

Lëtzebuerg ass also nach ëmmer wäit ënnert der Verscheldung vu 60%, déi d'Maastricht-Kritären zouloossen.

Wat d'Situatioun vun de Spezialfonge vum Stat ugeet, esou stellt d'Cour des comptes fest, dass d'Avoire vun dëse Fongen am Joer 2015 ëm 60 Milliounen Euro eropgaange sinn. Wat de Budget pour ordre ugeet, also déi Gelder, déi de Stat anzitt, fir weiderzeleeden, weist d'Cour des comptes drop hin, dass dëst Joer den Déséquilibre bei 6,7 Milliounen Euro läit.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Cour des comptes huet sech och mam Zukunftspak ausereegesat. Si hat an dësem Zesummenhang schonn d'lescht Joer gefrot, fir eng detailléiert

Opstellung ze kréien, wat all eenzel Mesure bruecht huet. Leider huet d'Cour des comptes misse feststellen, dass d'Regierung hirer Demande och dëst Joer net nokomm ass. Et steet just am Gesetzesprojet iwwert d'Statskonten, dass déi 258 Mesuren am Ganze fir d'Joer 2015 182,7 Milliounen erabruucht hunn. D'Krisensteier huet 84,6 Milliounen Euro d'lescht Joer erabruucht. An d'TVA-Erhéijung huet 207 Milliounen Euro erabruucht.

D'Budgetskontrollkommissioun schléisst sech der Demande vun der Cour des comptes un a freet, dass d'Detailer fir all eenzel vun den 258 Mesuren aus dem Zukunftspak integrale Bestandteil vun de Statskonte solle si fir déi nächst Joren.

Här President, an hirer Sëtzung vum 24. November 2016 huet d'Budgetskontrollkommissioun sech mam Statsrot sengen Avisen ausereegesat. De Statsrot analyséiert d'Presentatioun vun de Statskonten a stellt fest, dass d'Kontroll vun der Ausféierung vum Budget schwiereg ass, well engersäits hu mir d'Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert de Budget, d'Kontabilitéit an d'Trésorerie vum Stat, anerersäits gëtt et awer och déi europäesch Method SEC 2010, fir de Budget ze presentéieren.

De Statsrot freet, wéi schonn an der Vergaangenheet, dass déi zwou Methode sollen uneneen ugepasst ginn, fir d'Kontroll vun der Ausféierung vum Budget ze maachen. D'Budgetskontrollkommissioun schléisst sech deem un.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ofschléissend soen ech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun zum Statskont 2015.

Ech wëlt awer drop opmierksam maachen, dass dat net heescht, dass mir nodréiglech de Budget vun 2015 approuvéieren.

(Interruptions)

Mir stëmmen dëse Gesetzesprojet, well de Budget 2015 technesch korrekt duerchgefouert ginn ass.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Adehm. D'Wuert huet elo d'Madamm Brasseur.

Discussion générale

► **Mme Anne Brasseur (DP).** - Merci, Här President. Ech géif och den Accord vun der DP-Fraktioun dozou ginn an och soen, dass mer an der Budgetskontrollkommissioun ganz gutt zesumme schaffen. Eng vun den Aufgaben oder eng vun deene gréissten Aufgabe vun engem Parlament ass et jo, fir d'Regierung ze kontrolléieren. An dat soll zum gréissten Deel iwwert de Budget geschéien.

Ech wëll de Kolleegen, déi méi nei sinn hei an der Chamber - jiddwereen ass méi nei hei an der Chamber wei ech, mä et sinn der awer eng Partie vun lech, déi si schonn eng Zäitchen hei -, soen, dass mer, wat déi Kontrollfonctiounen ubelaangt huet, ganz schlecht dostounge. Mir hunn näamlech mat Jore Retard hei d'Konten ugeholl. An dunn hu mer 1999 dat Gesetz gestëmmt mat där Deadline, déi elo grad vun der Madamm Adehm genannt ginn ass. Mä déi war einfach ze strikt, déi konnt net agehale ginn.

Mä mir hu Joren drop eréischt d'Konten hei approuvéiert. Mir woren also wierklech ausserhalb vun all Kontrollfonctioun, déi e Parlament sollt ausüben.

Ech wëll och soen, dass mer Progrèsse gemaach hunn, och wat d'Investissementer ubelaangt. Mir hate ganz oft en Dépassement vun Devisen. Dofir hu mer och do d'Approche an d'Method geännert. A mir hu lues a lues Progrèsse gemaach. An ech wëll och do - en ass elo leider net hei - dem Här Wiseler als viregte Minister vun den Travaux publics Merci soe fir déi gutt Kollaboratioun, well mir konnten do duerch déi Devisen ëmmer méi no respektéieren. A mir hate virgëschter Budgetskontrollkommissioun iwwert d'Travaux vun de Bâtiments publics, an do ass kee vun de Projeten iwwert den Devis komm. Och dat muss ee soen. An dat ass wichtig, fir dass dat, wat mer hei als wichtigst Gesetz am Joer stëmmen, dass dat och esou exekutéiert gëtt, wéi de Législateur dat gewollt huet.

An ech géif finalement dem Finanzminister félicitéiere fir déi Rigueur, mat där de Budget elo ugaange gëtt. Et ass hei vun de Mesurë geschwat ginn, vun deenen 258 Mesurë vum Zukunftspak, mä wann een do den Total hält... An ech wëll dat nach eng Kéier soen: Wann déi Mesuren net geholl gi wieren, da wieren d'Dépenses net nëmmen ëm déi 182 Milliounen méi héich gewiescht, mä da wier am État d'esprit dat esou virugelaf. An ech fäerte ganz, dass d'Dépenses dann nach méi héich gi wieren.

Dofir wëll ech wierklech der Regierung félicitéieren an och all deene Merci soen, déi drun deelgeholl hunn, dass deen Zukunftspak awer

réusséiert, wat ons d'Méiglechkeet gëtt, elo e Budget ze stëmmen, hoffentlech ze stëmmen muer, deen déi Zuele weist, déi mer elo hunn. Dofir e grouse Merci un de Finanzminister.

An da wollt ech nach eng Kéier de Membere vun der Kommissioun e grouse Merci soen, der Präsidentin, dass mer do wierklech probéieren, ëmmer am Konsens ze schaffen, well hei geet et ëm d'Kontrollfonctioun vun der Chamber. An déi gëtt ganz gutt exekutéiert.

Ech soen lech villmools Merci, Här President.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madamm Brasseur. Dann den Här Negri.

► **M. Roger Negri (LSAP).** - Villmools Merci, Här President. An och villmools Merci un d'Rapportrice, un d'Madamm Diane Adehm, an och un d'Wierder vun der Madamm Anne Brasseur, wou ee muss soen, dass mer och där Kontrollmissioun an der Comexbu gerecht gi sinn, wéi d'Madamm Brasseur elo gesot huet.

A virun allem wëll ech awer och e grouse Merci un den Här Finanzminister soe fir seng gutt Exekutioun vum Budget 2015, wou jo en Defizit vu 568 Milliounen estiméiert gi war, déi mer jo och gestëmmt haben, wou mer awer ofgeschloss hu mat engem realiséierten Defizit vu 461 Milliounen. Dat maachen also 107 Milliounen manner Defizit. Ech mengen, dat ass eng gutt Leeschtung, fir dass mer an dësen Zäiten och nach manner Suen ausginn, gesamt gesinn, wéi virgesinn.

Dozou kënnt, wann ee bedenkt, dass mer trotz deene manner groussen Defiziter och nach eng ronn 400 Milliounen méi am Invest gemaach hunn, ass dat eng duebel Leeschtung, well jo och nach vill méi Recetten erakomm sinn. D'Detailer kennt Der dovun. Méi Invest bedeit an dëser Zäit, an dat huet de Budgetsrapporteur Claude Haagen gëscht jo richtig gesot, an Dir och, Här Finanzminister, nach de Moien, dass dat jo och wichtig ass, fir de Moment eis Economie weider unzekuerbelen an och domadder d'Konsumkraaft ze steigern, wéi dat jo och vu Bréissel nach ëmmer weider gefuerdert gëtt. Well déi Situatioun, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, déi gutt Situatioun, ass jo an Europa net ëmmer de Fall. An dofir ass et wichtig, dass mer gesamteuropäesch och do d'Economie weider undreiwien.

Wann een elo awer dervun ausgeet, dass ee souguer ee Moment seet, déi 400 Milliounen, déi mer méi investéiert haben, déi jo net gestëmmt waren, wann een déi net ausginn hätt, da wär ee souguer op en Defizit komm, dee sech quasi opgehewen hätt. A wann een dat rechent, da wär mer op 56 Milliounen Defizit komm. Dat heescht, do kéint ee quasi soen, dann hätte mer eng stabil Situatioun.

Soudass ech mengen, dass ee ka soen, dass déi Schold, déi mer maachen, dass mer déi, wéi Der virdrun och gesot hutt, fir deen nächste Budget reng an den Invest finanzéieren, wat, mengen ech, eng gutt Saach ass, well mer mat engem ganz héijen Taux vun Invest fueren, wou Der virdrun erkläert hutt, deen och europawäit un der Spëtzt steet, wéi Der eis virdrun ganz flott un deenen Diagramme gewisen hutt. Dofir kënne mer lech nëmme félicitéieren, op deem dote Wee weiderzegoen.

Wann een elo natierlech kuckt als Budgetskontrollkommissioun, wa mer méi Suen ausginn - an da maachen ech dat mat engem klengen Clin d'œil op déi Proposition de loi, déi ech virun enger Zäit gemaach hunn iwwert d'LOLF -, da muss ee sech just vläicht froen, dass et awer gutt ass, wann ee méi Suen ausgëtt, dass een dat och iergendwann am Laf vum Joer beschwätzt an dass een dat och vläicht mat Zäit gewuer gëtt.

Dofir wär vläicht eng kleng Proposition: Ech mengen, mir kréie jo all Trimester den Tableau des recettes proposéiert, ob een do net vläicht - ech weess, dass dat méi schwéier ass - och mat den Dépenses eppes Äänlechtes eis kéint presentéieren. Bon, dat ass ëmmer mat engem gewëssene Retard, wou dat exekutéiert gëtt, mä ech mengen, do gëtt et jo och mat dem SAP-System en Engagé. An ech mengen, do kéint een dat vläicht an deem Sënn eis och presentéieren.

Ech mengen, dat ass eng ganz kleng Proposition. An deem Sënn géif ech dem Finanzminister nach eng Kéier wëlle félicitéieren an och den Accord vun eiser Fraktioun ginn.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Negri. Den Här Kox.

(Interruption)

Ah, d'Madamm Lorsché. Ech hat den Här Kox nach hei stoen.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Ech maachen et e bësse méi kuerz. Och mir schléissen



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries:

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

eis de Wierder vun de Virriedner un. D'Madamm Brasseur ass in extenso op déi gutt Zesummenaarbecht agaangen, déi mer an der Budgetskontrollkommissioun hunn. Ech wëilt der Madamm Adehm als Presidentin a Rapportrice villmools Merci soen a ginn den Accord vun der grénge Fraktioun.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann den Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Ech wëll och vun eiser Säit aus der Madamm Adehm Merci soe fir de Rapport an och déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer an der Comexbu hunn. Ech wëll just zwou Remarqué maachen.

Et ass hei elo vu verschiddene Virriedner gesot ginn, datt den Exercice 2015 besser ausgaangen ass, wéi mer dat geplangt haten. Den Defizit ass op 460 Milliounen op d'Joer zrëckgaangen. Dat sinn 107 Milliounen manner, wéi en initial am Budget virgesi war.

Mä et muss een awer och fairerweis do derbäisoen, datt an deem Joer de Stat e Gebai verkaaft huet, wat 90 Milliounen erabruecht huet, wat net am Budget virgesi war. A wann een déi 90 Milliounen géif derbärechnen, dann hätte mer am Fong, wat den Defizit ubelaangt, eng Punktlandung gemaach.

Dat gesot, wëll ech vun eiser Säit aus den Accord ginn, dat, well mer domadder wëllen dokumentéieren, datt dës Budget administrativ korrekt exekutéiert ginn ass.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Gibéryen. Den Här Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Jo, mir wäerten natierlech och eisen Accord dozou ginn. Et ass schonn alles gesot ginn. Ech wäert dobäi bleiwen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann huet de Finanzminister d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.**- Merci, Här President. Fir d'Éischt meng Wierder vun Dank un d'Madamm Adehm fir déi Aarbecht als Presidentin, a si mécht dat ganz gutt, an och fir dee ganz detaillierte Bericht, deem op déi Hauptpunkten den Akzent gesat huet an e gudden Iwwerbléck ginn huet.

Ech mengen, dass dës Regierung versicht huet, an de Budget méi Transparenz eranzebréngen. Et ass natierlech ëmmer méiglech, nach méi transparent ze sinn. Ech hunn och Äre Message esou verstanen. D'Madamm Adehm an anerer hunn awer och ënnerstrach, dass mer, zum Beispill wat den Zukunftspak ubelaangt, en fait extrem transparent waren, andeem mer déi 258 Mesuren emol éischstens op den Dësch geluecht hunn, gesot hunn, mir géifen dat iwwer véier Joer applizéieren. A mir monitoren dat regelméisseg. Also, dat ass et menges Wëssens zu Lëtzebuerg nach ni esou ginn.

Ech hunn och op eng parlamentaresch Fro hin am September oder am August am Detail bei all Mesure Informatioun ginn. Ech huelen zur Kenntnis, dass d'Cour des comptes an d'Comexbu déi detailléiert Chiffere gären hätten. Et ass natierlech ëmmer eng Foto. Mir wäerte kucken, wéi mer där Demande do kënnen nogelieft. Et ass also net, dass déi Chiffere nëischt do ass. Do gëtt och e gewëssenen Detail geliiwert. Wann een do wëilt an den Inves-

tissement méi maachen, wann dat Äre Vorschlag ass, dann huelen ech dat esou mat an de Ministère a kucken, wéi mer do zousätzlech Informatiounen kënnen ginn.

Ech bleiwen nach bei der Form. Mir hunn effektiv e komplizierte System mat dem Gesetz iwwert d'Comptabilité nationale vun 1999 an den europäesche System SEC 2010. Et gëtt haut a säit enger Retsch Joren elo awer Gott sei Dank eng Method, fir vun deem enge Calcul op deen aneren ze goen. Dat ass et viru Joren nach net ginn. Haut hu mer dat. Et ass och ganz normal, dass mer dat sollen hunn, fir dass ee kann déi Zifferen matenee reconciliéieren.

Mir hunn och elo wëlle... Well mer och elo en neien Direkter an der IGF hu vum 1. Januar un, hu mer eis zu Häerz geholl, fir ze kucken, wéi mer dat kéinte vereinfachen. Mä ech soen lech, dat ass wierklech eng kolossal Aarbecht. Ech kann lech dofir haut net soen, wéi séier mer do wäerte virukommen, mä mir wäerten natierlech dat och am Zesammenhang an der Diskussioun mat der Chamber maachen.

Ech freeë mech, dass alleguerten d'Deputéierten hei hiren Accord ginn. Mir fannen dat vläicht zu Lëtzebuerg eng Selbstverständlechkeet, dass no der Kontroll dann all Mënsch fënn, dass de Budget technesch an der Rei ass. An dat hei huet näischt mat Parteipolitik ze dinn, dat huet mat enger gudder Gouvernance vun engem Land ze dinn!

Mir sollen eis freeën doriwwer, egal wien an der Regierung ass, dass mer deen Exercice kënnen maachen, dass mer an d'Déift ginn, dass mer d'Froer beäntweren, an dann als Konklusioun all Deputéierte seet, dass dee Budget uerdentlech exekutéiert ginn ass. Dat fannen ech ebe keng Selbstverständlechkeet. Ech fannen dat eng ganz gutt Noriicht fir eist Land.

Wat elo de Fong ubelaangt. Wa mer elo no der Lëtzebuenger Kontabilitéit kucke vun 1999, ass den Ennerscheed vum Defizit, amplaz 500 an déi 80, 460, ronn 110 Milliounen méi gënschteg. Dat ass richtig. Mä d'Ausdröckskraaft ass méi grouss am SEC-System vun Europa. An do ass den Ennerscheed awer vill méi grouss wéi 100 Milliounen. Do gi mer vu ronn 800 Milliounen Defizit, déi virgesi waren, op ronn 200 Milliounen erof. Dat ass awer elo emol wierklech spektakulär!

A vu dass ech weess, dass hei ganz hëtzege Debatte waren, wéi mer de Budget 2015 ugeholl hunn, fannen ech, dass ech awer muss ënnersträichen, dass mer eist Zil hei méi wéi erreecht hunn!

2015 war dat éischt Joer, wou mer eng grouss Abouss hatten un TVA électronique (veuillez lire: TVA um Commerce électronique) an trotzdeem hunn all déi Mesuren, déi mer geholl hunn, gegräff. A wa mer och en esou vill bessert Resultat schreiwen, ronn 200 Milliounen Defizit no der europäescher Method, wat äänlech héich ass wéi d'Zësen, déi mer bezuelen, kann ee jo wierklech soen, dass eise Budget fir 2015 am Équilibre ass.

An dat hu mer faerdegbruecht, andeem mer net nëmme vun der gudder Konjunktur profitéiert hunn. Ech mengen, dat huet nach keen hei gesot. Mir hunn natierlech och vun der gudder Konjunktur profitéiert. A wann een d'Zifferen am Detail kuckt, gesäit een, dass d'Zifferen vun 2015 Folgendes hierginn: En Drëttel, e klengen Drëttel kënnt vun der Konjunktur an e bësse méi wéi zwee Drëttel komme vu manner Dépensen. Dat war jo och d'Zil, wat mer eis ginn hunn, an dat hu mer erreicht. An ech freeë mech, wéi gesot, iwwert d'Unanimitéit iwwert d'Konten 2015.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Finanzminister.

Mir géifen dann iwwert d'Konten 2015 ofstëmmen, de Projet de loi 7005.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7005 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer: 60-mol Jo. Domat sinn d'Konten unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par Mme Tess Burton), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A vu Kont géife mer zu Kont iwwergoen. Dës Kéier vun eis selwer, vun der Chamber fir den Exercice 2015. A viru mer steet schonn de Rapporteur, den Här Marc Lies, deen direkt d'Wuert huet.

7.7084 - Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2015

Rapport de la Commission des Comptes

► **M. Marc Lies (CSV), rapporteur.**- Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zu den nächste Konten da vun der Chamber. Ech mengen, dat wonnert lech net, datt déi Konten e bësse méi niddreg ausgefall si wéi dat, wat mer elo just virdrun hatten.

Wéi all Joer gëtt et och eng Spezialkommissioun vun der Chamber ënnert dem Règlement interne. Den Artikel 165 gesäit vir, datt eng Spezialkommissioun sech mat de Konte vun der Chamber soll beschäftegen. An hei, ech zitieren eng Kéier kuerz den éischten Alinéa: «(1) L'examen de la comptabilité des fonds de la Chambre, pour chaque session, est confié à une commission spéciale dite „Commission des comptes“ assistée par un réviseur d'entreprises à désigner annuellement par le Bureau.» Den Alinéa 4: «(4) La Chambre, sur le rapport de cette commission, se prononce sur l'apurement du compte. La décision est communiquée à la Cour des comptes pour être enregistrée.»

Sou ass d'Firma KPMG, déi dës Joer den Audit vun de Konte vun der Chamber fir den Exercice 2015 gemaach huet, den 21. Oktober zur Konklusioun komm, datt: «A notre avis, les comptes annuels de la Chambre des Députés pour l'exercice clos le 31 décembre 2015 ont été établis, dans tous leurs aspects significatifs, conformément aux principes comptables applicables définis par le Bureau de la Chambre des Députés.»

Ech wäert lech e puer Eckdate vum Kont 2015 am Verglach zum Kont 2014 ginn, ouni elo awer wëllen an den Detail ze goen. De Statsbudget huet der Chamber fir d'Rechnungsjoer 2015 e globale Kredit vum ronn 32,2 Milliounen zougesprach. De Gesamtbudget vun der Chamber louch awer bei 34,5 Milliounen. Eng Reprise vun de Reserve vun engem Montant vun 2.259.000 Euro huet de Budget 2015 équilibréiert.

Enn 2015 louchen d'Ausgabe bei ronn 32 Milliounen, wat engem Minus vun 160.000 Euro par rapport zur Clôture 2014 entsprach huet. Dës Minus ass awer ganz einfach do duerch ze erklären, datt déi 1.662.000 Euro vun der viregter Wahlcampagne, déi op den Exercice 2014 gebucht gi sinn, natierlech fir 2015 ewechgefall sinn.

Rechne mer dës Montant vum Resultat 2014 of, da komme mer op e Sold vun 30.505.000

Euro fir 2014. Neutraliséiere mer d'Wahlcampagne, da komme mer op eng Hausse vu 4,9% fir d'Joer 2015 par rapport zum Rechnungsjoer 2014.

Heivu kéint een awer och nees d'Konferenzen oder déi aussergewöhnlech Reuniounen, begrënnt duerch déi europäesch Présidence, déi mat 1,1 Millioun zu Buch geschloe sinn, ofrechnen.

Wat déi aner Posten ugeet, kann een als Alle-reischt mat enger erfreelecher Noriicht ufänken: D'Indemnitéiten un d'Deputéierte si par rapport zu 2014 ëm ronn 16.000 Euro (veuillez lire: 60.000 Euro) erofgaangen. Bei de Frais de fonctionnement konnten och 370.000 Euro agespuert ginn. Dës louch dorun, datt, éischstens, Chamber TV manner oft ausgestraalt ginn ass an, zweetens, well verschidde Kontrakter nei ausgehandelt gi sinn.

D'Personalkäschte sinn ëm 630.000 Euro an d'Luucht gaangen, och eng Hausse vun ëm 90.000 Euro ass bei de Groupes politiques ze verzechnen. Hëlt een de Budget voté vu 34,4 Milliounen, esou goufen 2.377.000 Euro manner ausgi wéi virgesinn. Dës entsprécht engem Taux vu minus 6,91%. Den dësjaerege Budget-siwwerschoss beleefte sech op 328.000 Euro.

Ënnert dem Stréch kann ee soen, datt d'Administration vun der Chamber virsichteg wirtschaft. Eirvizehiewen ass och, datt opgrond vun enger Reprise vun de Reserven den Iwwerschoss am Berechnungsjoer 2015 moderat bliwwen ass. Dës sollt Modellfunktoun hunn och fir déi kommend Joren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Spezialkommissioun, à l'unanimité, an de Réviseur d'entreprises KPMG sinn der Meenung, dass d'Konten vun eiser Chamber an der Rei sinn. Domadder géif ech lech bieden, d'Konten vum Exercice 2015 guttzeheeschen.

Ech wëllt dem Bureau an all de Mataarbechter vun der Chamber awer och gär e grouse Merci soe fir hir exemplaresch a prezis Aarbecht. Am Nimm vun der CSV-Fraktioun ginn ech selbstverständlech den Accord zu dësem Rapport. An ech géif och déi aner Fraktiounen a Sensibilités politiques bieden, datselwecht ze maachen.

Ech soen lech Merci fir Äert Nolauschteren. D'Resolutioun, déi gouf lech de Moie scho verdeelt.

Résolution

La Chambre des Députés,

vu le rapport de sa Commission des comptes,

approuve

les comptes de l'exercice 2015 et prie son Président de transmettre la présente résolution et le rapport de la Commission des comptes à la Cour des comptes pour y être enregistrés.

(s.) Marc Lies.

Dofir Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Rapporteur. Den Här Negri huet d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Roger Negri (LSAP).**- Villmools Merci, Här President. An och e grouse Merci un de Rapporteur Marc Lies an och stellvertretend un de Generalsekretär Claude Frieseisen fir déi gutt Aarbecht. An domadder ginn ech och den Accord vun eiser Fraktioun. Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Mertens huet d'Wuert.

► **M. Edy Mertens (DP).**- Merci, Här President. Ech wëll dem Rapporteur, dem Här Marc Lies, villmools Merci soe fir säi gudden Rapport. Ech wëll him awer och Merci soen als President vun der Kommissioun fir déi gutt Zesummenaarbecht a ginn den Accord vun der Demokratescher Fraktioun. Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. D'Madamm Lorsché huet d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Déi gréng Fraktioun schléisst sech deene Wierder un a gëtt den Accord.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Och ech schléisst mech deene Wierder un a bréngen den Accord vun eise Grupp.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Wagner huet d'Wuert.